MAISON DU GRAND-DUC

**Communiqué de presse**
Service Presse et Communication
13. Oktober 2025

# TROUNWIESSEL : ADAPTATIOUN VUM SITE MONARCHIE.LU

---

Am Kader vum Trounwiessel, huet d'Maison du Grand-Duc déi nei Versioun vum Site **Monarchie.lu** lancéiert.

Dës Adaptatioun bitt dem Public eng modern an accessibel Plattform, déi der Lëtzebuerger monarchistescher Traditioun trei bleift. D'Säit presentéiert sech an enger neier Struktur a mat méi Contenu, déi eng méi fluide Navigatioun erméiglechen.

Déi nei Rubricken „D'Geschicht vun der Dynastie vun Nassau", „D'Groussherzoglech Famill" oder och nach „D'Residenzen" invitéieren de Benotzer op eng Entdeckungsrees ze goe vun der Geschicht, der Roll an de Missioune vun der Lëtzebuerger Monarchie.

D'Säit **Kids.monarchie.lu**, déi spezifesch fir Kanner geduecht ass, gouf iwwerdeems och mat neien Illustratiounen an Informatiounen aktualiséiert. Esou kënnen och déi Jéngst d'Lëtzebuerger Monarchie op eng spilleresch Aart a Weis kenneléieren.

D'Internetsäite Monarchie.lu a Kids.monarchie.lu sinn op lëtzebuergesch, däitsch, franséisch an englesch disponibel.

Dës Adaptatioune goufe mat der technescher Ënnerstëtzung vum Centre des technologies de l'information de l'État (CTIE) realiséiert, sou ka garantéiert ginn, datt si de Sécherheetsstandarde vun den Internetsäite vum Lëtzebuerger Stat entspriechen.